Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20. Oktober 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Banneminister, den Här Energieminister an den Här Verkéiersminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op déi parlamentaresch Fro Nummer 6600 vun der ADR schreift d'Regierung, datt vun 2023 u keng CNG-Gas Tankstell méi zu Lëtzebuerg géif zur Verfügung stoen. Esou wéi et eis zougedroe gouf, gräifen aktuell nach eng Rei Gemengen notamment bei hiren technesche Gefierer a vereenzelt och bei kommunale Buszervisser op dëse Brennstoff zeréck.

An deem Zesummenhang géife mir der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert wéi vill Gefierer op Basis vun CNG-Gas op de Stand vun der Kalennerwoch Nummer 41 beim Staat an de Gemengen agesat ginn an ëm wéi eng Zort Gefierer et sech handelt (Bussen, Camionen, Déngschtautoen, technesch Gefierer asw.)?
2) Wéi beurteelt d'Regierung d'Gefor, datt déi eenzel Institutiounen hir Gefierer opgrond vu kuerzfristegem Verkafsdrock ënner Wäert am Ausland mussen ofsetzen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

Jeff Engelen
Deputéierten